

Eng Klack fir eis Sprooch Nr. 308

Succès oder Süksä?

Wa mir vun eiser Schreifweis schwätzen, da kënnen mir net iwwersin, datt mir et schoulméisseg mat 2 an esouguer 3 aneren Orthographien ze din hunn: dem Däitschen, dem Franséischen an dem Engleschen... an déi ‚lafen‘ iergendwéi alleguer an eis geschriwwen Sprooch eran!

Doraus entsteet dann d'Liichtegkeet, e Wuert aus enger anerer Sprooch aus psychopädagogesche Grënn a senger originaler Schreifweis ze loosse, wa mir et ‚tel quel‘ an eiser Sprooch gebrauchen. Et ass an deem Sënn hei och alt besonnesch iwwer den däitschen ‚Dehnungs-h‘ rieds gaang (FeHler, SeHn, WoHn,...). Dat misst dach jidderengem verstännegerweis allichten; ower, wéi ass et da mam Geliichts?

E Boulevard an en Trottoir brauchen dach kee ‚Bullwar/Trottuar‘ ze ginn; firwat solle mir musse aus enger ‚punaise‘ eng ‚Pünäs‘ oder aus dem ‚pneu‘ e ‚Pnō‘ zaubere... deer Beispiller gëtt et kéipweis, un déi och fir e Lëtzebuerg

Dictionnaire geduecht misst ginn... an deem den ‚Dixionär‘ rosewéineg ze sichen huet; do soll et **wéinstens eng ‚Lizens‘** ginn, d'Wuert ‚original‘ oder ‚verlëtzebuergesch‘ ze schreiw.

Wann de Gebrauch am Lëtzebuergeschen ower dann eng ‚Verballhornung‘ ass, also wann een dat Wuert bal net méi beim Schwätzen a senger ‚Wuerzelsprooch‘ erëmkennt, dann ass et verstänneg a kloer, datt et e lëtzebuergesch Schreif-Gesiicht kritt. Huelt emol e ‚chantier‘, dee jo an eiser Sprooch e ‚Schantgen‘ ass, oder e ‚jeton‘, dee mir als ‚Stong‘ kennen.

Gewëss: Mir dréine mat eiser Sprooch(e)situatioun an enger Turlatäin vu **Chancen, mä do raus entsteet nun emol och eng Problematik bei eiser Schreifweis.** Ower loosst mer aus enger Spaghetti keng ‚Schbagätti‘ maachen, aus der Pizza keng ‚Pidsa‘, grad ewéi aus dem ‚foie gras‘ kee ‚Fuagra?‘ Gutt schmaache soll dat Gemams alleguer... vrun allem mat Verstännegkeet op all Manéier.

Englesch

Ouni Zweiwel ass **d'Englesch déi meeschtgebrauchte Weltsprooch.** Dat heescht net, datt dem Shakespeare säin Idiom vun de meeschte Leit op der Welt geschwat gëtt, mä datt en an alle Länner, en Doheem huet. Dobäi ass d'Englesch ower **souzesoen e ‚Sproochbaaschttert‘.** Et huet dem William the Conqueror säi Gesicht vun haut ze verdanken, well dee ‚Fransous‘ säi ‚romaneschen‘ Afloss bei dat ‚Anglescht‘ erabruucht huet, an de Schriewer Chaucer dann dat ‚modern‘ Englesch gebraucht huet, dat mir haut kennen. Huet dir

iwwersin ewell gekuckt, wou dat ‚Anglia‘ läit?

Vum Englesche virdrun (am Fong dem ‚Angleschen‘), do verst mir kee Paff. Dat ass, relativ gekuckt, nach guer net esou laang, d'Zäit vum Jang de Blannen, also dat 14. Joerhonnert.

Wie léiert dann elo am lichessten a séiersten Englesch, deen net op der Insel doheem ass? Mä ganz kloer en ‚normale‘ Lëtzebuerg, deen Däitsch a Franséisch drop huet. Dofir gi mir da sproochlech an der ganzer Welt esou gutt a séier eens... plazeweis och beneit!

‚eise‘ Kueb

Fir d'‚Sprooch-Babel- Ausstellung am Musee vun der Stad war gefrot ginn, ob een sech och eng lëtzebuergesch Versioun vum Weltliteratur-Gedicht ‚The Raven‘ vum E.A. Poe kennt virstellen. Natierlech war dat **eng weider Geleeënheet, fir alt erëm eng Kéier weder ze beweisen, datt d'Lëtzebuergesch vill méi drop huet,** wéi e kleespeere Lokal- oder Regionaldialekt. Et war och eng Eier, nieft dem Poe, dem Baudelaire an dem Mallarmé ze figuréieren; dat elo och an enger Deelexpositi-

oun an der ‚Cour‘ vun der EU um Kierchbiereg, an do – nom Här ‚avocat général‘ Dean Spielmann – als ‚Ambassadeur‘ vun der lëtzebuergescher Sprooch tituliert ze sinn; dat kennt op dat eraus, wat de Professor Dr. Raymond Schaack äis als ‚Meeschterwierk‘ attestiert huet... all dat ass dees Gudder jo bal zevill, ower genuch fir op eng ‚Visitekaart‘!

D'Ausstellung am Stadmusée (ale Conservatoire) ass nach op bis an de Mee dëst Joer... et ass dowäert!

Stille Nacht

Et kann een unni ze iwwerdreiwe soen, datt dat Chrëschtlied **wuel dat am meeschten iwwersatend Lidd vun der Welt** ass; vun deene Versioune wäert déi englesch ‚Silent Night‘ wuel déi am meescht um Radio an der TV gesong sinn. Mir hunn elo och **eng genësseg an talentéiert lëtzebuergesch Versioun vum Claude Bache,** an hoffen, datt déi dëst Joer fir

Chrëschttag vu Veräiner op RTL an de Programm kennt.

Et freet een sech wierklech, firwat fir dat schéinst Friddensfest vum Joer ower och net een eenzegt vun eise Chrëschtlieder ze héiere war; näischt géint englescher oder anerer, mä firwat net och vlächt eiser? Ass dat esou kompliziert?

Madame Jeanine Theis-Kauth

Wat d'Komponistin Lou Koster fir d'Lëtzebuergesch Musekswelt bedeit, ass d'**Eiereplaz fir d'Madame Jeanine Theis fir eis Literatur!** Si huet äis vrun e puer Woche mat 93 Joer verlooss; mä mir kënnen äis weider unni Féischten op dat **aussergewéinlecht romantesch Talent vun hire**



Gedichter verloossen, dat iwwersin an engem Buch vun der AL veréiwegt guff. D'Janine behält eng fest Plaz ënnert eise kreative Frënn, an d'Sëlwerplack vun der Actioun-Lëtzebuergesch behält si iwwer hirt Graw ewech bei äis an hirer léiwier Famill ‚bannen‘ a ‚baussen‘.

Iwwer ‚EISES‘

Et schéngt äis net genuch bewosst, datt eis SproochSITUATIOUN tëscht der ‚Germania‘ an der ‚Romania‘ ze séier dozou féiert ze **mengen, alles wier iergendwéi däitsch oder franséisch,** wat mir am Lëtzebuergesche gebrauchen. Do gi mir ze licht driwwer ewech, **datt eis Mammesprooch zënter laange Joeren och e klengt eegent Liewe féiert,** en onverwiesselbart! Dir git dat hei jo ëmssoss bausst Lëtzebuerg sichen:

Looss dech net verkëppen – ech kommen eng Kéier laanscht – dat do ass dolaanscht! – da géff dech elo! –

nixdegibbi – ech fläisse mech fir heem – ech hunn de Pillchen – d'Maddel ass nawell keen Iwwelt – de Jos ass e Klatzkapp – dat seet mir nawell eppes – deen ass verh... wéi dem Schupp säin Iesell – bësel dach net esou – un enger Hamenheiss ass nach Schneddes – e Kaweechelchen ass e Queeschlek – domm wéi e Stréckel – et reent riichteran – ech si fatzeg däitsch – de Jang war schwäirosen – d'Kënni mécht eng Gäbberchen – gesch... ass net gemoolt- Knätschgummi gëtt et nëmmen hei...

Feierdeeg- Schnok

*All Feierdeeg hunn hir dräi Säiten:
Déi virdrun, den Dag selwer an duerno.
Mä d'selwecht sinn se net beiwäitem;
wéi d'Saach sech weist ass ëmmer d'Fro.*

*Vill kënnen d'Zäiten net erwaarden
an d'grujhelt anerer scho virdrun;
deen Dag duerno ass dacks en haarden,
de Mo muss all Geschlupps a Frupps verdun.*

Sproochvarianten

Engem Stack-Ëlweinter an engem gestackten Techternoacher hirt Lëtzebuergesch ass meilewäit vun deer Fassong ewech, wéi déi Mierscher sech ausdrécken. Datselwecht géilt fir den Ënnersched tëscht dem ‚Veiner‘ an dem Habschter... sou kennt een dann nach weiderfuere. **Mir hunn op d'mannst 10 deer lokaler a regionaler Sproochvarianten...** ower eis ‚Sproochmëtt‘ ass am Fong och déi geographesch Mëtt vun eisem ronn 2800 km²-Ländchen!

Dat hunn eis bekannt Schriewer an Dichter an de leschten 230 Joer zesoen instinktiv verstan; de Rodange huet et souzesoen a sengem Reenert ‚illustriert‘, andeems hien den Déieren déi verschidde Va-

rianten an de Mond geluecht huet; wou hie selwer mam ‚Féngerchen‘ op dat allgément ‚Moralescht‘, huet de ‚Bëlleger Méchel‘ sech un d'Mëtt vum Lëtzebuergesche gehal... an dat war de verstännegen Zock vun engem zerguttste Pädagog.

Wien, wéi ‚eisen‘ Alain Atten, sech wëssenschaftlech mat deer Sproochvarianz auserneeetze wëllt, deem säi Schaffe sief respektiert; dem Erhale vum Lëtzebuergeschen als Nationalsprooch bréngt et gelungenerweis rosewéineg; e bëssen esou, wéi dat Hamburger an dat Münchener net kënnen als ‚Stuel‘ fir dem Thomas Mann säin Hou-däitsch kënnen stoen.

Luc Marteling

Hien ass der ‚Ganzer‘ een! En zolitt diploméierte Journalist, op deen ee gär lauschtert a kuckt. E Mann, deem eis Sprooch och uewe läit, an op dee mir äis nach ëmmer verlosse konnten a kënnen, sief et als Redakter op RTL, als Direkter vum Zenter fir d'Lëtzebuergesch; elo als Programmchef bei RTL.

De Luc Marteling huet d'Plack ‚Dicks-Rodange-Lentz‘ als Dekoration hëch verdéngt; mir hoffen, datt hien äis, a si sécher, datt mir him ‚trei‘ bliewen.



De 25. Januar krut de Luc Marteling beim Neioschpatt vun der AL déi héichverdéngte Plackett ‚Dicks-Rodange-Lentz‘ vum President Claude Bache iwwerreicht.



20, Conter-Strooss – L-5955 Izeg
Tel. 47 06 12
E-Mail: actioun@letzebuergesch.lu
lexroth@pt.lu
<http://www.actioun-letzebuergesch.lu>

Cotisioun: 20 €

CCPL LU75 1111 0066 4448 0000
BCEE LU52 0019 1000 7250 4000

Comité a Redaktioun:
Eise Bureau: Claude Bache (President a Caissier),
Patrick Kaell (Sekretär), Lex Roth (Vizepresident a Redakter)

* Utilité publique N° F53 61

Nächst Klack (Nr. 309): Samschdes, den 1. Mäerz 2025